



Stad- a Lampertsbierger Musek

# Stad- a Lampertsbierger Musek zanter 1863

## Impressum

---

Editeur:	Stad- a Lampertsbierger Musek a.s.b.l., 2014 b.p. 277 L-2012 Luxembourg
Konto:	CCPLLULL IBAN LU42 1111 0134 9916 0000
Iddi a Realisatioun:	Organisationscomité „150 Joer Musek an der Stad“ Jean J. Schintgen, René Bleser, André Hever, Eugène Mackel, Roger Braun, Jean Flesch
Concept a Coordinatioun:	Eugène Mackel
Texter:	Eugène Mackel an Damien Sagrillo
Layout an Deckel:	Espace Médias / Polygraphic, Differdange
Dréckerei:	WEPRINT, Luxembourg-Hamm
Oplag:	500 Stéck



**BGL**  
**BNP PARIBAS**



## Rendez-vous mam Damien Sagrillo

Zwee Bassisten am Interview - Onse Vizepresident Eugène Mackel stellt onsem fréiere Musikant Damien Sagrillo, Museksprofesser

bei der Uni Lëtzebuerg e puer Froen:



Damien Sagrillo

**EM:** Damien, wou a wéi hues Du deng éischt Schrëtt am Museksliewe gemaach?

**DS:** Wéi ech am Alter vun 8 Joer doheem zu Helleng fir d'éischte Kéier an d'Musek gaange sinn, hunn ech op engem Mantelbried en Tuba gesinn hänken. Deemools war dat eben esou, an dat Instrument wollt ech spillen. Den Dirigent huet mer du gesot, dat wär an der Rei, an hie géing mer déi nächste Kéier en Instrument ginn. Voller Freed kum ech déi zweet Woch an de Cours, an den Dirigent huet mer och en Instrument ginn, e Bùgel. Meng Enttäuschung war esou grouss, wéi d'Instrument sou kleng war. Ech hu mech mat engem Bùgel ni kënnen ufrënden, an et

ass och näischt aus mer ginn. Haut huet mech meng Astellung zu engem Bùgel em 180° gedréit, awer spille konnt ech et ni. No enger gewësser Zäit hunn ech dann e Saxophon Alt kritt. Dat Instrument war méi grouss, awer nach ëmmer net no mengem Goût. Och de fonkelneie Saxophon Tenor, deen ech dono kritt hunn, war net mäin Instrument. An du kum, ech erënnere mech nach wéi wann et gëschter gewiescht wier, mäin Aha-Erlebnis. Op engem zweete Chrëschttag gouf um Radio, deemools nach en alen Telefunken Röhrenradio, de Fagotteconcerto KV 191 vum Mozart gespilt. Dat Instrument war kapabel héich Téin an awer och ganz déiwer ze spillen, vill méi schéin, wéi déi Tubaen, déi ech bei mir an der Musek héieren hunn. Ech hu meng Elteren dozou iwwerried kritt, mech Fagott léieren ze loossen, an den Tuba hunn ech dunn zäitweilleg vergiess.

**EM:** Wéi s Du endlech dat richtegt Instrument fonnt has, wéi ass dunn deng Ausbildung am Stater Conservatoire weidergang?

**DS:** De Conservatoire huet mer dunn en Instrument zur Verfügung gestallt, an ech sinn och schnell weider komm. Niewend mengen anere Coursen (Solfège asw.) hat ech no dräi Joer schon eng 1. Mentioun an du kum ech an den Harmonieorchester vum Stater Conservatoire. Ech souz vir an enger vun den éischte Reien. Dat ass mer ni gaangen. Hannendru souzen Tubaen an och Bäss, déi esou schéi gespilt hunn, wéi ech dat bis dohinn nach ni héieren hunn. Déi konnte grad esou héich an nach vill méi déif spillen wéi ech um Fagott. Ech hunn do gläich erkannt, dass Fagott eigentlech keen Instrument ass, fir an enger Blossmusek ze spillen, a Blossmusek war déi Musek, déi ech eigentlech spille wollt. Aus der Siicht vun haut muss ech dat revidéieren. Ech war deemools an engem Schülerorchester. A professionelle Blossorchesteren, wéi z.B. dem Rundfunkblasorchester vu Leipzig huet e Fagott genau esou eng wichteg Roll ze spillen wéi an engem Symphonieorchester.

**EM: Damien, wéini bass Du da bei ons an d'Stater Musek komm, a mat wéi engem Instrument?**

**DS:** Mat 18 Joer hunn ech de Führerschäin gemaach, a mäi Papp huet mer säin Auto ginn, fir an d'Stater Musek Fagott spillen ze kommen. D'Stater Musek war deemools eng grouss Harmonie a vun engem anere Kaliber wéi meng Duerfmusek, wou ech nach ëmmer Saxophon Tenor gespillt hunn. Awer eigentlech wollt ech nach ëmmer Tuba spillen. Dat huet vill Leit awer net begeeschtert, virun allem meng Elteren, awer och net den Direkter vum Conservatoire, deen e Fagott a sengem Orchester an an der Kammermusek gebraucht huet an och gemengt huet, dass esou grondverschiedde Blasinstrumenter net zesumme géenge passen, wat jo och stëmmt, an dofir hunn ech nom 1. Präis mam Fagott opgehalen an nëmme méi Tuba gespillt. Ugefaangen hunn ech mam klengen Tuba, deemools e Couesnon mat 4 Ventilen vun der Stater Musek. Dat war schonn e bessert Instrument wéi déi vu Mahillon, déi soss an de Museken dorëmmer gespillt si ginn. Vun engem Besson war deemools nach net ze schwätzen. Haut ass deen Typ Tuba Standard an all Musek bei eis am Land. Schonn no dem Préparatoire sinn ech op de Basstuba (Sib-Bass) gewiesselt. Ech krut vum Kosche Rob, deen och an der Stater Musek war, en Alexander-Bass mat 4 Ventilen an dat huet mer do richteg Spaass gemaach, sinn awer dofir och nach op den Houwald an d'Musek gaangen. Deenen huet dat Instrument nämlech gehéiert. Vun der Stater Musek krut ech zousätzlech e Besson-Bass, a mat deenen zwee Instrumenter war ech do gutt ausgerëscht. Am Laf vun der Zäit sinn dann och nach meng privat Instrumenter dobäikomm.

**EM: Damien, deng Studentenzäit war jo bestëmmt net eleng op d'Studéieren ausgeriicht?**

**DS:** Mëttlerweil hat ech am Kolléisch meng Première gemaach a sinn dunn op Köln op d'Musekshéichschoul Tuba studéiere gaangen. Mir war awer bewusst, dass ech mat deem Instrument eleng wahrscheinlech net kënn mäi Brout verdéngen. Mat all deene Fächer an Niewefächer, déi ech am Conservatoire geléiert hunn, ass et mer awer schliisslech einfach gefall, fir meng Studien an der Regelstudienzäit ofzeschléissen, an duerno hunn ech mer nach Zäit geholl, fir Musekswëssenschaft (Erzéiungswëssenschaft an däitsch

Sprooch a Literatur) op d'Uni zu Köln studéieren ze goen. An der Zwëschenzäit war ech awer hei am Land schonn Dirigent vun der Waldbëlleger Musek (1981-1984), vun der Berbuenger Musek (1983-1990) a vun der Dikrecher Musek (1984-1986), nodeems ech a mengem Heemechtsduerf zu Helleng während sechs Méint den Interim gemaach haat (1980). D'Woch iwwe war ech zu Köln an am Weekend doheem, fir Suen ze verdéngen.

**EM: Wéi a wou huet dann dunn deng berufflech Carrière ugefaang?**

**DS:** Am Joer 1985 hunn ech dunn eng éischt Ustellung um Conservatoire (deemools Museksschoul) zu Ettelbréck als Chargé de Cours fir Tuba kritt. Ugefaangen hunn ech mat 5 Stonnen an der Woch. Am Joer 1989 hunn ech meng Magisterprüfung zu Köln gemaach. Dës véier Joer - 1985-1989 - ware fir mech zimlech mouvementéiert, well ech sinn nach ëmmer téschent Köln a Lëtzebuerg hin an hir gependelt. Ech sinn an där Zäit bestued an och fir d'éischt Papp ginn. No mengem Studienofschloss konnt ech awer richteg an d'Beruffsliewen eraklammen. Ab 1988 hunn ech mat der „Eintracht im Thale“ e Männerkouer iwweholl. Dës war eng ganz nei Erfahrung a mengem Liewen, hat ech dach bis dohin, nach ni eppes mat Gesang ze dinn. Ech hunn dobäi eppes ganz Wertvolles geléiert: et kann een nämlech och ganz gutt Musek maachen, ouni Solfège geléiert ze hunn, nämlech mat Lidder sangen a mat „learning by doing“. Dës Gedanken huet mech bis haut net méi lass gelooss an en huet mech och dozou gefouert, meng Dokteraarbecht iwwe Volleklidder ze schreiwen. Dat huet laang gedauert, bis 1997, well ech meng Dissertatioun niewent mengem Beruffsliewen geschriwwen hunn! E Papp, deen owes um sechs Auer doheem fir seng Famill do war, war ech ni. All dat huet meng Fra, huet meng Famill all déi Joeren erdroen.

**EM: Mat wéi engem Veräin hues Du dann am längsten zesummegeeschafft?**

**DS:** Am Joer 1989 hunn ech d'Biisser Musek iwweholl, e Veräin, bei deem ech bal 17 Joer bliwwe sinn a wou ech och ganz vill Satisfaktioun erfuer hunn. Am Zesammenhang mat menger Aarbecht op der Ettelbrécker Museksschoul konnt ech mech zum



Deel selwer em den Nowuess a menger Musek këmmeren, well déi mam Ettelbrécker Conservatoire zesummege schafft huet. Dat huet laang Zäit gutt geklappt. Ech hat awer och d'Chance, dass ech mat Leit zesummege schafft hunn, déi mat mir um selwechte Strang gezunn hunn. Hinne sinn ech nach haut zu grousem Dank verpflichtet. Am Joer 1995 hunn ech du mäi leschte Veräin iwweholl, d'Chorale Municipale vu Schëffleng, och e Männergesang, deen ech haut nach dirigéieren.

**EM: Damien, Du hues no enger Rei Joeren nach e komplett neien, groussen Challenge ugeholl!**

**DS:** Ab 1989 hat ech eng voll Tâche am Fach Tuba zu Ettelbréck. Vill Erwuessener, awer och Kanner aus de Museken aus der Emgéigend, si bei mech an de Cours komm. Dëst konnt awer net laang unhalen. Dat woar mer och bewusst, an esou woar ech frou, mäi Kader mat Solfège opzestocken. Am Joer 1996 hunn ech d'Chance kritt, fir op enger Plaz als Chargé de Cours um I.E.E.S. zu Walfer, op där Institutioun, wou Erzéier a Sozialpädagogen ausgebild si ginn, nei Erfahrungen ze sammelen. Dëst woar eng ganz nei Erausforderung. Fir d'éischt stung ech virun engem Grupp erwuesse Schüler a Studenten. Dat woar net ganz einfach. Ech hat wuel Erziehungswissenschaft studéiert, awer an deem Sënn nach net ugewannt. Mäi Berufsliewen esou wéi mäi Bléckfeld hu sech doduerch enorm erweidert. Ech hu fir d'éischt a mengem Liewen net nëmme Musek gemaach oder kënschtleresch enseignéiert, awer ech hunn och iwweh Musek musse schwätzen. Net dass dat nei fir mech woar, ech hat jo Musekswissenschaft studéiert, awer bis zu dësem Zäitpunkt nach net mat Studente geschafft. Am Joer 2003 gouf ech schliisslech als Professor fir Musekswissenschaft a Musekspädagogik op déi nei gegrënnten Uni Lëtzebuerg beruff. Meng Tätigkeet woar vun elo un Enseignement a Fuerschung, eng komplett nei Erausforderung, awer och eng eemoleg Chance. Dat, wat bis dohi mäi Beruff woar - Museken a Choralen dirigéieren - gouf dunn zu mengem Hobby. Ech hunn eben déi Chance, dass Musek och mäin Hobby ass. Mat grousem Bedauern hunn ech am Joer 2005 missen aus Zäitgrënn mat menger Dirigententätigkeet zu Biissen ophalen. Kollegen, Frënn, Schüler an e gudden Ensembl no bal 17 Joer hanner mer ze loossen, woar fir mech net einfach. Vun

deem Moment un, woar ech nëmme méi Dirigent vum Männerkouer zu Schëffleng. Fréier hunn ech zäitweis dräi Veräiner dirigéiert.

**EM: Damien, wéi koum et, dass Du Dech och um internationale Plang engagéiers?**

**DS:** Am Joer 2006 hunn ech fir d'éischte Kéier un enger Konferenz vun der IGEB (Internationale Gesellschaft zur Erforschung und Förderung der Blasmusik) zu Northfield am Minnesota (USA) deelgeholl, an ech hunn e Referat iwweh „d'Bloosmusekswiesen zu Lëtzebuerg“ gehalen. Am Joer 2008 gouf ech gefrot, fir d'IGEB-Konferenz, déi am Zweekjoresrhythmus stattfënnt, zu Lëtzebuerg z'organiséieren. Mat der Hëllef vu ville gudde Kollegen ass mer dat och gelongen. Och hinne sinn ech haut nach zu grousem Dank verpflichtet, well déi ganz Organisatioun woar net ganz einfach. Mir hunn ongeféier € 30.000,- misse sammelen. Am Joer 2012 gouf ech schliisslech zum Generalsekretär vun der IGEB gewielt.

Mäi Liewensofschnëtt als praktesche Museker woar zum Deel eriwweh. Ech sinn ëmmer méi zum Musekspädagog, zum Musekswissenschaftler, awer och zum Organisateur ginn. Ech erënnere mech nach haut, dass ech fir d'éischte Kéier, wou ech „meng“ Musek net méi a menger Funktioun als Dirigent, awer als Deel vum Publikum héieren hunn, Tréinen an den Aen hat. D'Kribbelen, dat ech dee Moment an de Fanger gespuert hunn, huet mer gesot, dass ech net gemaach wär, fir nëmme iwweh Musek ze schreiwen, ze schwätzen a Musekspädagogik esou wéi Musekswissenschaft ze enseignéieren.

**EM: Damien, dann ziel ons nach, wéi deng „Let'z Fanfare“ op d'Been komm ass!**

**DS:** Meng lescht Musek woar eng Fanfare. Ech hu mech ëmmer drëm beméit, dass dës Formatioun weiderhin an eisem Land soll Bestand hunn. Am Joer 2004 gouf d'Biisser Musek invitéiert, fir zu Moor an Ungarn op engem Concours deelzehuelen. E puer Memberes goufen am Virfeld op d'Plaz delegéiert an dat duerch d'Vermëttlung vum Louis Granicz, selwer Musikant zu Biissen. Hie koum am Joer 1956 aus Ungarn, wou d'Revolutioun ausgebrach war, hei op Lëtzebuerg. Den Empfank op der Plaz woar esou

gutt a léif, dass mer direkt zougesot hunn, do matzemaachen. Awer leider hate mer iwwersinn, dass déi Deeg d'Musek och eng Manifestatioun doheem hat, déi net konnt ofgesot ginn, an do woare mer am Dilemma, dass mer no esou enger frëndlecher Invitatioun hätte missen ofsoen. Awer dat wollte mer net. Mir hunn do en Arrangement fonnt, dass ech als Dirgent an e puer Membere konnten zu Biissen feelen, a mir hunn en Opruff iwwer Radio a Press gemaach, fir Museker ze fannen, déi bereet wäeren, dës Aventure zesumme mat eis anzegoen. Mir sinn do mat 50 Musikanten a Fanfare-Besetzung am Oktober 2004 eng éischte Kéier op eng Concertsrees an d'Ausland gefuer. D'Museker aus dem Orchester woaren a sinn Profien (Museksenseignanten), Museksstudenten an Amateuruseker mat Conservatoires- a Museksschoulofschlëss esou wéi och talentéiert Museker ouni iergend eng Museksausbildung. Dëst huet eis erméiglecht, Literatur fir Fanfare op engem héijen Niveau ze spillen. Déi éischte Kéier hate mer eis de komeschen Numm „Fanfare Projet Lëtzebuerg Ungarn“ ginn.



*Eugène Mackel*

**EM:** Däi Projet „Let'z Fanfare“ war jo sécher eng lueweswäert Initiative. Wéi oft waars Du dann elo schliisslech mat „Dengem“ Orchester um Tour?

**DS:** Den aktuellen Numm hu mer ab 2007 gebraucht, wou mer eng zweete Kéier eng Concertsrees an Éisträich an an Ungarn gemaach hunn, nämlech op Oberwölz an der Steiermark, op de Velencer-See beim Plattensee an op Salzburg. Dësen Dräijoresrhythmus hu mer bäibehalen a mir sinn am Joer 2010 op Auer a Südtirol gefuer mat Concerten a Südtirol, Tirol a Bayern. Am Joer 2013 woare mer eng véierte Kéier ënnerwee, mir woaren op Seefeld an Tirol. Déi dräi lescht Concertsreesen hunn jeeweils eng Woch gedauert a mir hunn all Kéier 5-6 Concerten gespilt, ënnerwee, awer och hei zu Lëtzebuerg.

Dat Kribbelen, wat ech verspuert hunn, wann ech eng Musek héieren hu spillen resp. wann ech selwer an enger matgespillt hunn, vun deem Zäitpunkt un, wou ech keng Musek méi dirigéiert hunn, konnt ech vun elo un wéinegstens vun Zäit zu Zäit zefridde stellen.

**EM:** Villmols Merci Damien, fir dat flott an interessant Gespréich!

*PS: An der Let'z Fanfare hunn och Musikanten aus der Stad- a Lampertsbierger Musek méi oft matgewierkt: André Hever, Eugène Mackel, Bruno Tereba, Jeannot Wolff.*

*Photoen: Marc Marnach*



D'Leitz Fanfare am September 2013 zu Steesel

